N°2084
Entrée le 08.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Gemeinsam Äntwert vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit Elisabeth MARGUE a vum Minister fir Wirtschaft, Mëttelstand, Energie an Tourismus Lex DELLES op d'parlamentaresch Fro n° 2084 vum 13. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT.**

**Ad 1) Firwat huet Lëtzebuerg dës Chance verpasst fir sech iwwer SES um indesche Marché mat Starlink z'etabléieren?**

D'SES ass säit méi wéi 25 Joer an Indien ganz aktiv, a bitt iwwert déi indesch Weltraum-forschungsorganisatioun an hiren kommerziellen Arem „New Space India Limited" (NSIL), Déngschter fir „Direct to Home" an Datentransfert un.
Des weideren huet d'SES eng Partnerschaft („joint-venture") mat Reliance Jio déi et erméiglecht entleegen Regiounen an Indien matt Satellitendéngschter, déi e schnellen Datentransfert iwwert GEO-Satellitten erlaben, ofzedecken. Dozou kommen Déngschter iwwert MEO-Satelliten („medium earth orbit satellites") vun der neier O3b mPOWER Konstellatioun déi héich Konnektivitéit a ländleche Gemenge, „Mobil-backhaul" an Entreprisen- a staatlech Servicer können ubidden. D'Starlink Offer viséiert deemno en anere Maartsegment wéi déen vun der SES a Partnerschaft matt Reliance Jio.

**Ad 2) Wat huet d'Regierung ënnerholl fir SES an hir Offer an Indien ze ënnerstëtzen?**
Vertrieder vun der SES hu reegelméisseg Informatiouns-Reuniounen mat dem Ambassadeur a mat konsularesche Vertrieder an Indien. Sie setzen sech dofir an fir di noutwendeg Kontakter tëscht den indeschen Autoritéiten an de Vertrieder vun der SES hierzestellen. D'Regierung stellt sécher, dass d'SES bei all Besuch vun héichrangegen Indeschen Delegatiounen op Regierungsniveau vertrueden a präsent ass.

**Ad 3) Wéi eng konkret Mesurë gedenkt d'Regierung elo ze huelen, fir d'Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg am Beräich vun de Satellittekommunikatioun an anere Schlësselmarchéen an Zukunft ze stäerken?**

D'Regierung ënnerstëtzt d'Entwécklung an d'Kompetitivitéit vum Space-Secteur, inklusiv am Satellittekommunikatiouns-Beräich, notamment iwwert d'Participatioun an den ESA-Programmer an och duerch den nationale Programm LuxIMPULSE, dee mat der Assistance vun der ESA ëmgesat gëtt. D'ESA offréiert een attraktive Kader fir innovativ Produkter a Servicer fir Satellittekommunikatioun ze entwéckelen.
Am Beräich vun der gesécherter Satellittekommunikatioun, huet d'Regierung der Europäescher Kommissioun ugebueden ee Kontrollzenter vum System $IRIS^2$ zu Lëtzebuerg ze hebergéieren. Déi

Mesure ass och ee wichtegt Element fir d'Lëtzebuerger Industrie am Beräich Satellittekommunikatioun ze positionéieren.

Lëtzebuerg, den 8ten Abrëll 2025

D' Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Konnektivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE